ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. August2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister, den an den Här Kooperatiounsminister weiderzeleeden.

An engem Interview am Tageblatt schwätzt den Här Bausseminister vun engem Paradigmen-Wiessel vun der europäescher Baussepolitik, déi erkenne misst, datt „unser bisheriger westlicher Ansatz, Rechtsstaatlichkeit und Demokratie in Länder wie Afghanistan, Mali oder andere Länder exportieren zu wollen, einfach nicht funktioniert". Dat geet esou wäit, datt den Här Bausseminister am nächste Saz freet, ob „wir einem anderen Volk überhaupt Demokratie und Rechtsstaatlichkeit aufzwingen können?".

Zu där Ausso, déi vill Lëtzebuerger an europäesch Beméiungen a Fro stellt, wéilt ech der regierung dës Froe stellen:

1. Am Kader vun der „EU Sahel Strategy" si Lëtzebuerger Zaldoten am Mali agesat fir net nëmme Sécherheet, Verdeedegung, Gouvernance a Justiz am afrikanesche Land verbesseren an koordinéieren ze hëllefen, mee och fir d'konstitutionell an demokratesch Uerdnung ze erhalen oder nees hirzestellen (Referenz op de Mandat vun där Missioun). Ass eng Lëtzebuerger Bedeelegung un där Missioun nom Urteel vum Här Bausseminister hifälleg?
2. Wéi eng Implikatiounen huet déi Meenung vum Här Bausseminister méi allgemeng op d'Bedeelegung vu Lëtzebuerg un Auslandsmissiounen déi am Zilland sollen Demokratie a Rechtsstaatlechkeet assuréieren? Wéi wäit ass esou eng wäitreechend Analys, déi e fundamentale politesche Revirement duerstellt, an der Lëtzebuerger Regierung mat deenen aneren zoustännege Ministeren ofgeschwat?
3. Den Här Bausseminister freet och a sengem Interview, datt mir sollten eng „staark Kooperatioun mat Russland a China" hunn. Wéi eng Implikatiounen missten déi Aussoen op déi aktuell Politik hunn, z.B. am Hibléck op d'EU-Sanktioune géintiwwer Russland?

4. Wéi eng Implikatioune kann dem Här Asselborn säi „Paradigme-Wiessel" an der Baussepolitik op déi Lëtzebuerger Kandidatur fir den UNO- Mënscherechtsrot fir d'Period vun 2022-2024 kréien?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten